N° 6589
Entrée le 16.09.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 6589 vum 1. August 2022 vum honorabelen Deputéierten Här Fred Keup.

1. Ass et korrekt, datt zu Greiwemaacher en IRM steet, dee virdrun engem Lëtzebuerger Spidol geheiert huet?

Den Gesondheetsministère huet keng Informatiounen dass dëst den Fall ass. Effektiv ass den IRM awer aus zweeter Hand. Am Respekt vun der Confidentialitéitsklausel am Accord de principe an desem Dossier kann den Gesondheetministère keng wieder Detailer matdeelen.

2. Wajo, wéi vill Betriibsstonnen hat déi Maschinn? Wat ass eng normal Liewensdauer vun esou enger Maschinn? Fir wei vill Suen ass den IRM viruverkaf ginn a wat hätt d'Maschinn haut nei kascht?

Eng Maschinn aus zweeter Hand kann wéi eng nei Maschinn exploitéiert gin soulaang den contrôle qualité opweist, dat d'« critères règlementaires » erfëllt ginn. Eng Maschinn muss ersaat gin wann sie net méi „state of the art" ass an et net erlaabt all néideg Examinatiounen ze maachen déi Usus sinn bei neien Maschinnen.

3. Wat war beim Spidol d'staatlech Participatioun um Uschafungspräis? Wat fir Konditiounen huet esou eng Subventioun am Hibléck op e Weiderverkaf? Wei vill vum Weiderverkafspräis geet un de Staat?

Mir verweisen op d'Äntwert op d'Fro 1.

Lëtzebuerg, den 16. September 2022

D'Gesondheetsministesch

(s.) Paulette Lenert